

Fernand Huberty

E Bléck an d'Zukunft!

„D'Bild vun der kathoulescher Kierch gëtt wäitgehend vum traditionelle Bild vum Geeschtleche beherrscht: männlech, zölibatär, sakramental, streng hierarchesch. Ass dat Bild nach zäitgeméis?“

Eng Fro!!

De 16. März hunn ech op dem 1. Dag vun der Faaschtewanderung, déi ech mat engem Grupp vu Leit ronderëm Beetebuerg gemach hunn, en Telefon kritt vu *forum*, déi mech gefrot hunn, ob ech bereet wär, meng Iwwerleeungen iwwert d'Priistertum vun haut duerzeleeën. Dat war natierlech bal net méiglech während dem Wandern an ech hu gesot, si solle mer emol Informatiounen mailen. Owe hunn ech dann déi Mail kritt an d'Fro gelies, déi uewe steet an op déi ech äntwerte sollt.

Eng Nofro

Wann ee mech esou freet an et misst een direkt äntwerten, da kënn ech mat engem eenzege Wuert äntwerten. An dat ass net nëmme meng Meenung, mä ech hunn déi Fro enger anerer engagéierter Chrëschtin um Telefon gestallt, an déi huet mer direkt datselwecht Wuert gesot, dat ech gemengt hat. A mir hunn awer allebéid doropshin reagiert a gesot, dat kann et jo elo net sinn. Do misst dat schon e bëssche méi wäit goen. Den Dag drop, de 17. März op der Faaschtewanderung bei enger Paus an der Réiser

Kierch, wou mer och e bësschen nageduecht hunn iwwert eis eege Berufung, oder besser gesot iwwert de Ruff, dee Gott un äis riicht, hunn ech deene Leit, déi do waren, d'Fro gestallt: „Kënnst dir mir an 2 Sätz soen, wat dir vun engem Geeschtlechen haut erwaart?“ Si hu gesot, se géife mir dat matdeelen, an hei sinn e puer vun den Äntwerten, déi ech do kritt hunn: „Für mich bedeutet der Priester ein Begleiter in Distanz – bei der Feier der

**Mir sinn net déi Alleinherrscher
an Alleinseligmacher am Dénsgsch
vum Herrgott op dëser Welt,
mä mir sinn en Deel vun enger
grousser Gemeinschaft.**

Eucharistie; und in der Nähe – im persönlichen Gespräch und im gemeinsamen Tun, z. B. diese Fastenwanderung. Ich bin dankbar für die vielen Priester, die ich bisher kennen lernen durfte. Jeder hatte eine andere gute Seite und ich gönne ihm das Recht eine negative Seite zu haben, wie auch ich sie an mir erfahre.“ (Frau aus Peppingen) – „Ein Geistlicher der Zukunft kann auch weiblich und verheiratet sei. Er wird nur mehr spiritueller Berater, Begleiter derjenigen sein, die die Pfarrgemeinschaft tragen.“ (Mann aus Bettemburg)

Dat kann natierlech och nach net duergoen. Awer et gëtt schon eng Richtung. Eng Richtung, déi sech nach méi opkläert, wann ech awer elo, ech géif soen, e berufene Mënsch zitieren, een, deen net am Verdacht steet, fir komesch Iddien ze hunn, nämlech de Kardinol Godfried Danneels, deen a sengem Bichelchen *Messagers de la*

joie – prêtres, qui sommes-nous ? op der Sait 83 Folgendes geschriwwen huet: « Vos demandes nous font davantage prêtres. Ce que lui demandent ses frères et sœurs dans la foi forme le prêtre. Vous nous aidez beaucoup en nous demandant ce que nous pouvons et voulons vous donner en tant que prêtres. Demandez-nous donc d'être des "hommes de Dieu". Exigez que nous écoutions mieux l'Evangile, que nous soyons plus assidus à la prière, à l'action de grâce, à la louange, à l'intercession. Demandez-nous de chercher sans nous laisser la sainteté. Que nous proclamions l'Evangile fidèlement, sans rien retrancher ni falsifier, sans concession mais toujours avec de grands égards pour vos problèmes quotidiens. Demandez-nous les sacrements, en particulier le sacrement du pardon et celui de l'eucharistie. Demandez-nous un cœur qui soit à l'unisson avec tout ce qui est bon et beau, mais aussi avec toutes les souffrances. Demandez-nous de ne pas rester à l'écart, mais de nous engager pour la justice, la paix et la libération. Demandez qu'en missionnaires et évangélisateurs nous sortions aussi du cercle intime des "familiers dans la foi". Demandez-nous tout ce dont votre cœur vous dit : "C'est pour cela que des prêtres sont appelés et ordonnés." Car vous savez de vous-mêmes ce qu'un prêtre doit être et ce qu'il doit faire. Personne n'a besoin de vous l'apprendre. Sur ce point aussi se vérifie la parole de Jean : "Quant à vous, l'onction que vous avez reçue de Lui demeure en vous et vous n'avez pas besoin qu'on vous enseigne" » (1 Jn 2,27).

Wat engem direkt an dësem klengen Text opfällt, ass, datt do verschidde Wieder, vun deenen, déi uewen an der Fro stinn,

iwwerhaupt net virkommen. Do steet nâsicht vu ‚célibataire‘, do steet nâsicht vun Hierarchie, jo, do steet emol net ganz vill vu sakramental.¹ Mir sinn net déi Allein herrscher an Alleinseligmacher am Dénsgsch vum Herrgott op dëser Welt, mä mir sinn en Deel vun enger grousser Gemeinschaft. An dat ass och neess eng Kéier net ech, deen dat erfionnt hunn oder elo einfach hei esou soen, mä do beruffen ech mech dann natierlech ganz staark op all dat, wat am 2. Vatikanesche Konzil gesot ginn ass, an dat mech deemools sécher, viru méi wéi 40 Joer, beweegt huet, dëse Wee anzeschloen an ze goen.

Do wär elo viles driwwer ze soen a fir d'éischt wär emol sécher den Text selwer, irgendwéi kuerz jiddefalls, ze zitieren.

Nodeems nämlech d'Konzil d'Existenz an d'Liewen vum Vollek Gottes kloer gestallt huet, behandelt et déi fir dëst Vollek geweihten Amtsträger: d'Bëscheef, d'Geeschtlech an d'Diakonen. Dëst Insistieren op der Gemeinschaft als Ganz hannerléisst eng Spuer, déi e Begrëff gebilt huet a Bicher, déi ech deemools als dogmatesch Bicher hu missen an der Schoul hunn, op der Uni zu Innsbruck, *Mysterium salutis*, d'Kierch ass e Mystär oder e Sakrament. Gott wierkt an der Geschicht vun de Mënschen doduerch, datt E sech e Vollek schaaft an deem Säin Heilswëlle siichtbar gëtt, an zwar duerch déi Mënschen, déi Hie siichtbar maachen. D'Kierch ass also tatsächlech dat Vollek, dat d'Heel vu Jesus Christus als Gow vum Papp a vum Hellege Geeschtt offenbaart, unhëlt a feiert. Dëst Unhuelen, dëst Ophuelen, dëst Feiere vum Handele vu Gott an der Geschicht, ass also net en onwahrscheinleche Privileg, mä et ass eng méi oder wéiniger schwéier Verantwortung fir jiddfer Member aus dësem Vollek, deen nämlech den Optrag huet, d'Zeeche vun der Léift vu Gott an dëser Welt ze sinn. Et geet ëm Zeugnis gi vun der Offenbarung vu Gott fir dës Welt. An d'Prioritéit vum Vollek Gottes weist sech och am Virraum vun den Initiatiounssakramenter (Daf, Kommioun, Firmung), déi jo mussen do sinn, ier een iwwerhaupt vun aneren Dénsgschämter schwätze kann.

A Lumen Gentium (LG) Nr. 18 heescht et dann och kloer: „Die Amtsträger, die mit heiliger Vollmacht ausgestattet sind, stehen

im Dienst ihrer Brüder, damit alle, die zum Volke Gottes gehören und sich daher der wahren Würde eines Christen erfreuen, in freier und geordneter Weise sich auf das nämliche Ziel hin ausstrecken und so zum Heile gelangen.“

Méi däitlech gëtt et nach eng Kéier an d'erselwechter Konstitutioun Lumen Gentium Nr. 32: „Gemeinsam [ist] die Würde der Glieder aus ihrer Wiedergeburt in Christus, gemeinsam die Gnade der Kindschaft, gemeinsam die Berufung zur Vollkommenheit, eines ist das Heil, eine die Hoffnung und ungeteilt die Liebe. Es ist also in Christus in der Kirche keine Ungleichheit auf

Et bleift munnches vun deem ze verwierklechen, wat esou theoretesch geschiwwen gouf. Dat gëlt z. B. fir d'Verhältnis tëschent de Geeschtlechen an de Laien. Laie sinn dacks just gutt, fir Lächer ze stoppen.

Grund von Rasse und Volkszugehörigkeit, sozialer Stellung oder Geschlecht; denn ‚es gilt nicht mehr Jude und Grieche, nicht Sklave und Freier, nicht Mann und Frau; denn alle seid ihr einer in Christus Jesus‘ (Gal 3,28). Wenn also in der Kirche nicht alle denselben Weg gehen, so sind doch alle zur Heiligkeit berufen und haben den gleichen Glauben erlangt in Gottes Gerechtigkeit (vgl. 2 Petr. 1,1). Wenn auch einige nach Gottes Willen als Lehrer, als Spender der Geheimnisse und Hirten für die anderen bestellt sind, so waltet doch unter allen eine wahre Gleichheit [...] So geben alle in der Verschiedenheit Zeugnis von der wunderbaren Einheit im Leibe Christi: denn gerade die Vielfalt der Gnadengaben, Dienstleistungen und Tätigkeiten vereint die Kinder Gottes, weil ‚dies alles der eine und gleiche Geist wirkt‘ (1 Kor 12,11).“

Opfälleg ass an dësem Abschnitt déi ganz staark Betounung vun der grondleeender Gläichheet vun all deenen, déi u Christus gleewen: Kleriker oder Laien. All Gedeefte sinn zu den Aufgaben vun der Verkënnung, der Heelung, der Sammlung vum Vollek Gottes geruff. Et geet dobäi net ëm eng Vermëschung, mä et kënn op verschidden Aufgaben an der Kierch un. Awer

dës Ënnerscheeder, dës Aufgaben déngen enger eenzeger Missioun, enger eenzeger Aufgab, engem eenzegem Optrag: fir all déi aner gemeinsam solidaresch Verantwortung ze droen. Wa mer dës Grondorientéierung als Beispill huele fir eis Iwwerleeungen, da komme mer do schonn deem, wat ech mer ënnert engem Geeschtleche vun der Zukunft virstellen, vill méi no.

Meng Äntwert

Theoretesch ass d'kathoulesch Kierch méi wäit, wéi si sech konkret an der Praxis erweist. Et bleift munnches vun deem ze verwierklechen, wat esou theoretesch geschiwwen gouf. Dat gëlt z. B. fir d'Verhältnis tëschent de Geeschtlechen an de Laien. Laie sinn dacks just gutt, fir Lächer ze stoppen. Et gëtt da gesot: *well sou wéineng Geeschtlech do sinn dofir...* Dëse Saz kann ech net méi héieren. Wann et nämlech dat ass, datt déi Leit, déi mer ruffen, nëmmen dierfen do sinn, well net genuch Geeschtlech do sinn, dann huele mer se net sériös. Et kann net drëm goen, Leit ze ruffen, hinnen eng Verantwortung ze ginn a se hinnen dann iergendwann erëm ofzehuelen (mamans catéchistes, Wortgottesdiensthelfer...). Dat ass hierarchescht Denken a Verhalen an hëlt d'Iddi vum „Volek Gottes“ net eescht. Mir mussen äis ee fir allemol vun der Lückenbüßerrolle verabschieden. Dat zielt souwuel fir d'Diakone wéi och fir all aner engagéiert Fraen a Männer an der Kierch.

Et ass och méi eescht ze huelen, datt all gedeefte Gleeweg „des priesterlichen, prophetischen und königlichen Amtes Christi teilhaft geworden sind“ (Codes Iuris Canonici [CIC], Kanon 204, § 1) an datt ënnert all Gleewegen „eine wahre Gleichheit in ihrer Würde und Tätigkeit“ (CIC, Kanon 208) besteet.

Wann d'Daf, Kommioun a Firmung d'Fra an de Mann qualifizieren, fir eng Verantwortung an der Kierch z'iwwerhuelen, da misst, als weidere Schrëtt, d'Vielfalt vun de kierchlechen Dénsgschter fir jiddereen opgemaach ginn, fir datt jiddereen, an net nëmmen d'Amtsträger, dat maache kënnen, wat d'Konzil just bestëmmte Memberen an der Kierch iwwerdréit, nämlech „Gottes Volk zu weiden und immer zu mehrer“, Lumen Gentium Nr. 18.

Ech menge mat dëse Gedanke komme mer laanscht déi onfruchtbar an demotivat Géinteniwwerstellung vu Geeschtlechen a Laien, déi sech oft an eisen Diskussiounen festhält a sech dann a Begrëffer wéi erlaabt oder verbueden erschöpft. Wéini komme mer do an eng ganz aner Harmonie eran, déi d'Wuert vum Herrgott op eng pluralisteschen, offen an fräi Aart a Weis an eist Ouer drénge léisst, nämlech esou wéi d'Schrëft an deene 4 Evangelien äis et virleet, fir dat d'Wuert vum Herrgott verkënnegt gëtt?

Leschten Enns geet et also drëm, fir de Glawen ze bezeien, et geet drëm, fir d'Frou Botschaft ze verkënnegen, an d'Verantwortung dofir gëtt duerch eng Participatioun vun der Gemeinschaft gestärkt, gespeist, an do gehéiert natierlech d'Eucharistie derzou.

Wat gëtt dann nach fir de Geeschtleche bleiwen? Ech géif soen, datt et hei ëm eng besonnesch Missioun geet, déi doranner besteet, datt en de Ruff vum Herrgott an där Gemeinschaft, wou e leeft a wierkt, bei deene Mënschen, Fraen a Männer, Jonken an Eeleren, mierkt, entdeckt, fërdert, fleegt an esou zur Eklosioun bréngt. Hien ass deen, dee Netzer spaant, deen als Moderator, zesumme mat den aneren engagéierten an eventuell mat enger bestëmmter Aufgab beoptragte Chrëschten, duerfir suergt, datt aus deene verschiddene Fiedem en Tapis gëtt, hien ass deen, dee besonnesch duerfir ze suergen huet, datt d'Fiedem eben net nëmmen horizontal lafen, mä och vertikal, an datt dat Ganzt eng Form kritt, déi den Ëmstänn entsprecht, déi eng Méiglechkeet huet grad an eiser Zäit, an deenen Ëmstänn, wou e leeft, där Botschaft vum Jesus dat néidegt Gesiicht, déi Form an dee Gehalt ze ginn, datt se vun anere Mënschen verstanen, ugehall a bejout ka ginn.

Bäi all deem ass et wichteg opzepassen, datt dat Bild, dat no bausse gedroe gëtt, net schizopren an net hypokritesch ass. Mir kënnen net op der enger Säit d'Zölibat bal als dat Wichtigst vum Geeschtleche duerstellen, an op där anerer Säit ouni Schwieeregkeete bestuete Männer aus enger anerer Konfessioun, wéi z. B. Anglikaner, als Geeschtlech eriwuer bei äis huelen, déi awer selwer weiderhi bestuet bleiwen. Et ka jo da keng theologesch Ursach sinn, datt de Mariage an d'Priisterwei net maten-
aner vereinbar wieren, soss kéinten och déi

Geeschtlech vun den unéierte Kierchen, de sougenannten Ostkierchen, wéi z. B. d'Ukrainesch Griechesch-Kathoulesch Kierch oder d'Maroniten, net bestuet sinn. Dat Wichtigst am chrëschtliche Glawe kann och net d'Sexualmoral sinn. Et kann net sinn, datt all dat, wat soziaalt Engagement ugeet, net souvill Bedeitung, keng esou eng grouss Importenz huet, wéi dat, wat Sexualmoral betrëfft. Ech sinn dovun iwwerzeegt, datt grad d'Kierch a puncto Aarmut a Soziales sou Munnchen ze soen huet. Allerdéngs muss se sech konsequent sinn, an dat vun uewen no ënnen. Dat ware se net ëmmer an zu dëse Feeler musse mer stoen.

**Wann d'Daf, Kommioun a Firmung
d'Fra an de Mann qualifizéieren,
fir eng Verantwortung an der Kierch
z'iwwerhuelen, da misst, als
weidere Schrëtt, d'Vielfalt vun de
kierchlechen Dénsgchter fir
jiddereen opgemaach ginn [...].**

D'Kierch brauch Mënschen, déi sech engagéieren, an déi sech, je no hiren Talenter, ganz op alle Pläng an der Kierch engagéiere kënnen. Wat mécht de Bëschof, wann e kee Vollek huet, dat am selwechte Glawen zu him steet? Dat ass esou wéi eng Lokomotiv ouni Wagonen, dat gëtt ni en Zuch. Et ass schonn eppes ganz Aussergewéinlech, datt d'Kierch ebe Fraen a Männer vun der jeeweileger Zäit brauch, fir anzege-sinn, wou se hänkt, wou se net sou richtig tickt, wou se net méi mat der Zäit geet. D'Kierch war z. B. déi lescht Institutioun, déi d'Leibeigener ofgeschafft huet, déi jo am Dénsgcht waren. A wéi 1848 de Viktor Schoelcher d'Sklaverei ofgeschafft huet, do waren d'Chrëschten och net an der éischter Rei, fir dat z'approuvéieren. Denke mer och un dee berühmte Saz vum Jean Jaurès, deen den Deputéierte vun der Rechten an der Chamber zougeruff huet, mam Fanger op der Bibel: «Messieurs, vous devriez lire ce livre.» Denke mir och un d'Schwieeregkeeten, déi d'Kierch huet bei der Unerkennung vun de 'Mënscherechter'. An anere Wieder: d'Welt ronderëm äis seet äis, wat d'Exigence sinn, déi soen der Kierch, wat se vun hir erwaarden. A wa mer déi Wieder net héieren, wa mer dee Ruff net héieren, da riichte mer vläicht en

Tuerm op, wéi den Tuerm vu Babel oder wéi ech et heiansdo soen an de Priedegten, da sëtze mer gemittlech an eiser Thermosfläsch, mir si geschützt, et kënn näischt vu baussen un äis erun an et ass gutt mockeleg dobannen a mir fillen äis wuel, mä mir hunn näischt méi mat der Welt ze dinn. An da si mer och keng Kierch méi. Da si mer och net méi déi Hief, déi d'Welt soll durchseieren. Da si mer net méi d'Salz vun der Äerd, da si mer net méi d'Licht vun der Welt, da si mer nach gutt, fir erausgeworf an zertrëppelt ze ginn.

Loosse mer also tatsächlech eis Fënsteren oprappen, wéi de Johannes XXIII. dat scho gemaach huet, wéi en den II. Vatikanesche Konzil aberuff huet. Loosse mer lauschteren, wat d'Welt äis seet, loosse mer probéieren, mat deene Fraen a Männer, déi bereet sinn, als Chrëschten ze liewen, a bereet sinn, sech och an der Gemeinschaft vun de Chrëschte méi staark z'engagéieren, esou ze schaffen, datt d'Botschaft vu Christus sichtbar a fillbar gëtt. Déi gréissten Aufgab vum Geeschtleche kënn dann doranner bestoen, d'Kräften ze bündelen an duerfir ze suergen, datt un engem Strank gezu gëtt, datt en ëmmer erëm d'Frou Botschaft an Erënnerung rífft a weist, wou eist äussert Bild net mat deem iwwerteneen stëmmt, wat mer am Fong geholl gleewen an ze verkënnegen hunn. Dat huet en ze maachen op der Plaz, wou Gott e brauch a wou seng ganz perséinlech Berufung senge Méiglechkeeten a Fähigkeeten entsprecht. ♦

Merci deene Leit, déi meng Iddie gelies hunn, drun interesséiert waren a mer Ureegung ginn hunn: Josette Hermes, Marie-Anne Werner, Christine Bußhardt, Guy Weirich, Renée Schmit, Edmond Ries a Laurent Zeimet.

1 Et schéngt mer awer kloer ze sinn, datt dee sakramentalen Aspekt fir de Geeschtlechen, dee Sakramenter spend, e ganz wichtege ass an deem Kontext, wou mer hei schwätzen. Allerdéngs muss ech virussetzen, datt déi 6 Sakramenter, déi de Geeschtlechen spende kann a soll, d'Daf, Kommioun, Firmung, Hochzäit, Beicht a Krankesalbung (dem Här Bëschof iwwerloosse mer d'Priisterwei), nëmmen da sënnvoll gespend kënnen ginn, wa se sech un e Chrëscht ríchten, d. h. un e Mënsch, Fra oder Mann, Meedchen oder Jong, dee sech perséinlech (bei engem Puppelchen seng Elteren, Pätter a Giedel) fir de Jesus Christus als 'Wee, Wourecht a Liewen' entscheed huet, Joh. 14,6. D. h. also ier dee sakramentale Charakter vum Geeschtlechen zum Zoch ka kommen, muss schonn eng grouss Aarbecht geleescht sinn, an ëm déi Aarbecht geet et mir a Wierklechkeet. Do musse mer äis drëm këmmen als Geeschtlech, an äis bewosst sinn, datt mer an eppes méi Groussen agebonne sinn.